



Dossier suivi par : Nathalie Weber
Tél. (+352) 247-86352

Le Ministre de la Sécurité sociale
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec le
Parlement

REÇU
Par Christine Wirtgen, 15:58, 31/03/2021

Luxembourg, le 30 mars 2021

Référence : 837x879bb

Objet : Questions parlementaires n°3932 du 24 mars 2021 de Monsieur le Député Marc Spautz et n°3966 du 29 mars 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen au sujet de la couverture sociale des chauffeurs professionnels frontaliers travaillant pour des entreprises luxembourgeoises

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse aux questions parlementaires n°3932 du 24 mars 2021 de Monsieur le Député Marc Spautz et n°3966 du 29 mars 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen au sujet de la couverture sociale des chauffeurs professionnels frontaliers travaillant pour des entreprises luxembourgeoises.

Je vous saurais gré de bien vouloir la transmettre à la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Le Ministre de la Sécurité sociale


Romain SCHNEIDER

Annexe(s) : Réponse aux questions parlementaires n°3932 et 3966





Äntwert vum Minister fir sozial Sécherheet op déi urgent parlamentaresch Fro n° 3932 vum Här Deputéierte Marc Spautz an op d'parlamentaresch Fro n°3966 vum Här Deputéierte Jeff Engelen iwwert d'sozial Versécherung vun de Frontaliersaarbechter am Transportsecteur

Als éischt muss een déi aktuell Situatioun wat d'sozial Versécherung vun de Frontaliersaarbechter am Transportsecteur ugeet präziséieren an och kloerstellen.

Dat europäesche Reglement (CE) 883/2004 a säin Exécutiounsreglement (CE) 987/2009 hunn als Objet déi verschidde Systemer vun der sozialer Sécherheet vun de Memberstaaten ze koordinéieren.

Dës Reglementer leeën d'Reegele fest, déi sech applizéiere wann ee Salariaé e Lien mat verschiddene Memberstaaten huet. E fundamentale Prinzip vun dëser Koordinatioun ass dat eng Persoun ëmmer nëmme kann ënnert eng Legislatioun vun der sozialer Sécherheet falen, also nëmme kann an engem Memberstaat affiliéiert sinn. Am Normalfall ass dat de Memberstaat an dem de Salariaé senger Aarbecht noget, bezéiungsweis seng Aktivitéit ausübt.

Wann awer eng Persoun seng Aktivitéiten a verschiddene Memberstaaten huet, da ginn et spezifesch Dispositiounen déi festleeën a wéi engem Memberstaat des Persoun muss affiliéiert ginn. Dës Dispositiounen applizéieren sech och op d'Aarbechter am internationalen Transport déi a verschiddene Memberstaaten schaffen, grad ewéi och an deenen anere Secteuren.

Laut dësen Dispositiounen fält de Salariaé ënnert d'Legislatioun vu sengem Wunnstaat wann en eng substantiell Partie vu sengen Aktivitéit do ausféiert (25%-Reegel). Wann dëst net de Fall ass fält de Salariaé ënnert d'Legislatioun vum Memberstaat wou de Sätz vu sengem Employeur ass.

De Salariaé ass ab dee Moment verséichert, wou eng Decisioun geholl gouf betreffend der Legislatioun déi ze applizéieren ass.

Den uewegenannten europäesche Reglement gëtt dem Wunnstaat vun der Persoun an dësem Fall eng wichteg Roll. Et ass un dësem ze analyséieren ënnert wéi eng Legislatioun de Salariaé fält. Déi zoustänneg Instanz am Wunnstaat vum Salariaé informéiert dann déi aner Memberstaaten ewéi eng Legislatioun ze applizéieren ass. Wann de Salariaé also net zu Lëtzebuerg wunnt, kënnen also déi Lëtzeburger Autoritéiten iwwerhaupt net decidéieren ënnert wéi eng Legislatioun d'Persoun fält.

Hält den Här Minister déi aktuell Situatioun vu ville Berufsschaufferen fir drobar?

Kuerz nodeems d'Reglement 883 a Kraaft getrueden ass, hat de CCSS verschidden Informatiounsreunioune wou déi spezifesch Dispositiounen presentéiert goufen.

Am Abrëll 2020 huet de CCSS d'Employeure vum Transportsecteur drun erënnert dat d'Iwwergangsdpositiounen, déi schonn zënter 2010 a Kraaft sinn, den 1. Mäi 2020 géifen auslafen an dat se, falls nach net gemaach, séier missten déi néideg Demarchen ënnerhuele fir d'Situatioun vun hire Salariaën ze regulariséieren.

Dës Iwwergangsdpositiounen hu virgesinn, dat déi Persounen, déi virum Akraaftriede vum Reglement 883 am Transportsecteur tätég waren, nach konnten 10 Joer laang iwwert der Limitt vu 25% verbleiwen. Et sinn dës Transitivdispositiounen déi op en Enn komm sinn. Fir all Salariaé, dee nom



Akraafttriede vum Reglement 883 agehallt ginn ass, oder deem seng Situatioun geännert huet, hunn direkt déi nei Dispositiounen gegollt, also och déi Limitt vu 25%.

De 17. Oktober 2020 huet de CCSS e Rappel vun der Prozedur, déi muss agehale ginn, un déi concernéiert Employeuren geschéckt. Fir esouwuel den Employeuren wéi och de Salariéen déi néideg Zäit ze gi fir dës Demarchen ze ënnerhuelen, huet de CCSS d'Affiliatiounen an déi néideg Zertifikaen (A1), déi d'Persounen brauchen déi eng Salariésaktivitéit um Territoire vu verschiddene Memberstaaten hunn, bis den 31. Dezember 2020 verlängert. Esou haten déi concernéiert Betriber nach eng Kéier 7 zousätzlech Méint fir hier Situatioun ze reegelen.

Wéinst dem Ulafe vum informatesche System « EESSI », deen den elektronischen Austausch vun den Informatiounen vun der sozialer Sécherheet tëschent de verschidde Länner encadréiert, an och de Fakt, dat déi aner Memberstaaten sech strikt un déi obligatoresch Dispositiounen vun den europäesche Reglementer halen, konnt de CCSS d'Affiliatiounen net méi oprecht erhale fir déi Persounen wou de Wunnstaat nach net decidéiert hat wéi eng Legislatioun applicabel ass. Et sief awer ze bemierken dat eng Persoun weiderhin nach 3 Méint d'Leeschtunge vun der Krankeversécherung kann a Usproch huelen.

Déi grouss Unzuel vun Dossieren ass dorop zeréckzeféieren dat vill Zertifikaen (A1) den 31. Dezember 2020 ausgelaf sinn. Et sief ze bemierken dat dës Situatioun sech an de nächste Méint awer normaliséiere wäert an dat eng grouss Partie vun den Dossieren entretemps schonn traitéiert gouf vun de verschiddene Wunnstaaten. D'Affiliatiounen, respektiv déi néideg d'Desaffiliatiounen, goufen direkt gemaach esoubal Decisiounen vun der zoustänneger Institutioun geholl gouf. Hei ass och ze präziséieren dat wann déi Decisioun geholl ass, d'Persoun keng Lück a senger Affiliatiounscarrière huet.

Deelt hien d'Virgoensaart a -weis vun der CCSS an dës Fäll ?

Déi concernéiert Employeuren wäerten hier interne Prozeduren upasse mussen wat Demandé vun der Legislatioun déi muss applizéiert gi betrëfft an déi zoustänneg Verwaltung wäerten an de nächste Méint déi aktuell Dossieren traitéiert hunn.

Am deem Kontext huet de CCSS och Diskussiounen gehat mat sengen Homologen aus anere Memberstaaten, déi awer drop insistéieren, dat d'Prozeduren esou ze applizéieren sinn, wéi et an der europäescher Legislatioun virgesinn ass.

Déi Lëtzebuerger Autoritéiten hunn also iwwerhaupt keen anere Choix, ewéi déi Reegelen och ze applizéieren.

Ass den Här Minister net der Meenung, dass dës Mataarbechter weiderhin mussen geschützt ginn?

Ass den Här Minister a Gespréicher mat sengen Homologen aus den Nopeschlänner?

- Wa jo, zeechnen sech hei kuerzfristeg Accorden of? Wa jo, wéi gesinn dës aus?
- Wann nee, firwat net?

Wat gedenkt den Här Minister ze ënnerhuelen, fir d'Existenzgrondlach vun de betraffene Chaufferen, déi bei Lëtzebuerger Firmen ugestallt sinn, weiderhin ze sécheren?



D'Gesondheetskris huet gewisen a weist weiderhin, wéi wichteg d'Aarbechtkräften aus de Grenzregioune fir eis Land sinn. Gëtt dru geduecht, fir bilateral Léisungen tëscht Lëtzebuerg a sengen Nopeschlänner am Dossier Beruffschaufferen ze fannen?

Firwat ass sou eng bilateral Léisung bis elo net fonnt ginn, obwuel se schonns am Oktober 2020 vun enger grousser Gewerkschaft hei am Land gefuerdert gouf?

Am Géigesätz, zu deem wat déi lescht Deeg kommunizéiert gouf, haten déi Lëtzebuurger Autoritéite scho bei Akraafttriede vum Reglement 883, also viru ronn 11 Joer, Kontakt mat de Nopeschlänner opgeholl fir en Accord ze fannen, deen eng dauerhaft Léisung fir den Transportsecteur wär. Dës gouf awer vun de verschiddene Länner refuséiert. Zënterhier huet sech d'Positioun vun deene Länner och net grondleeënd geännert ewéi d'Echangen op verschiddenen Niveauen iwwer déi lescht Joren erginn hunn.

Trotzdem wäerten déi Lëtzebuurger Autoritéite weiderhi probéieren zu engem Accord ze kommen. Aktuell sinn nei Echangen nach an der Virbereedungsphas fir déi kënnen ze formaliséieren, also méi offiziell ze féieren. Dës gëllt iwweregens net nëmme fir de Transportsecteur vu Wuere, mee och de Transportsecteur vu Persounen, an deem ëmmer méi grenziwwerschreidend Buslinne gefuer ginn.

Dës setzt awer viraus dat d'Autoritéite vun de Nopeschlänner gewëllt si mat op de Wee vun engem bilateralen, oder esouguer multilateralen, Accord ze goen.

Wéi wëll den Här Minister sécher stellen, dass dës Mataarbechter weiderhin sozial verséichert sinn?

Ewéi scho präziséiert, huet eng Persoun weiderhin nach 3 Méint Urecht op d'Leeschtunge vun der Krankeversécherung. Esoubaal d'Decisioun vun den auslännesch Autoritéite geholl ass, gëtt d'Persoun da nees an dat Land affiliéiert, dat zoustänneg ass, esou dat och keng Lück a senger Affiliatiounscarrière entsteet.